

Carte Blanche RTL du 8 avril 2015
Michel Maquil, Président de InFiNe.lu

Version française

Chaque année, les migrants dans les pays développés envoient l'équivalent plus de 400 milliards d'euros à leur famille dans les pays en développement pour ainsi venir en aide à leur famille et à leurs enfants. Ces transferts d'argent représentent une somme colossale. Pour bon nombre de pays en développement, ils constituent d'ailleurs la principale source du revenu national et pour les familles concernées, il s'agit souvent de l'unique rentrée d'argent dont elles disposent.

Le G20 qui regroupe les principaux pays industrialisés et les pays émergents, représentant 85% de l'économie mondiale et deux tiers de la population du globe, s'est saisi de cette question. D'après ses constats, les frais moyens liés à l'envoi de fonds s'élèvent à environ 8 % du montant transféré, soit au total quelque 32 milliards d'euros. Lors de son sommet de Brisbane en novembre 2014, le G20 s'est fixé comme objectif de ramener progressivement ces frais à 5 % afin que cette réduction équivalant à 12 milliards d'euros, puisse profiter aux familles des immigrants.

Le plan d'action mis en place par le G20 prévoit entre autres que les banques s'appliquent à trouver des moyens pour rendre ces transferts d'argent moins onéreux. Il exige aussi que les États ne prélèvent pas d'impôts inutiles sur ces envois d'argent et que les personnes concernées et leur famille soient mieux informées sur les moyens de transfert d'argent les moins coûteux. Finalement, il encourage le développement de nouveaux canaux de transfert d'argent qui répondent aux objectifs du G20 et qui permettront peut-être à terme la mise en place de tarifs encore plus favorables sans compromettre pour autant la sécurité de ces transferts.

Pour le migrant, dont la situation est déjà bien souvent précaire, il est difficile de comprendre pourquoi le transfert d'une petite somme d'un pays à l'autre lui revient aussi cher.

À cet égard, les banques traditionnelles et les institutions similaires détiennent une responsabilité primordiale, en particulier parce qu'elles subissent de fortes pressions de la part de nouveaux acteurs « fintech », qui proposent des moyens de virement électronique par Internet très avantageux. S'il est vrai que les banques doivent se soumettre à des contrôles complexes et respecter des procédures strictes, ce qui explique en partie l'ampleur des coûts, elles ont aussi le devoir d'offrir des services à leurs clients qui ne soient pas trop onéreux. Dans ce contexte, les transferts d'argent constituent un défi ardu.

Les banques et les institutions similaires doivent trouver une tarification qui répond aux exigences du G20, sans quoi elles risquent de perdre ce flux d'argent colossal. Ce n'est d'ailleurs de loin pas l'unique défi qu'elles devront affronter à court terme. Il est temps d'agir, car à l'ère des nouvelles technologies, les services financiers évoluent à une vitesse vertigineuse.

Version luxembourgeoise

Vill Immigranten, besonnesch déi aus den Entwécklungslänner schécken joeraus joerann Geld un hier Familjen an der drëtter Welt wat leider mat ganz héige Käschte verbonnen ass. De G20 huet sech där Thematik ugehall a proposéiert eng Rei Mesuren fir dass de Käschtepunkt staark erof geet. Dat ass ee groussen Defi fir déi traditionnell Banken.

Joeraus Joeran gi méi wéi 400 Milliarden Euro u Gelder vun Immigranten aus den entwéckelte Länner un hir Familljen an den Entwécklungslänner iwwerweisen fir esou fir hir Partner a Kanner ze suergen. Déi Réckiwwerweisungen stellen eng kolossal Zomm duer a fir ganz vill Länner aus der Drëtter Welt si se iwwregens déi gréisst Quell vu nationalem Akommes, a fir déi betrafte Familljen oft dat eenzegt Akommes.

De G20, deen déi gréissten Industriestaaten an Entwécklungslänner vun der Welt zesumme bréngt, huet sech där Thematik ugehall. Hien huet festgestallt dass den duerchschnëttlechen Tarif fir esou Réckiwwerweisungen ze maachen sech op ronn 8% beziffert wat ronn 32 Milliarden Euro duerstellt. Op sengem Sommet zu Brisbane an Australien am November 2014, huet de G20 sech elo als Zil gesat fir dëse Käschtepunkt op 5% erofzeschrauwen an der Iwwerleeung dass déi 12 Milliarden Euro déi, déi 3% duerstellen, de betrafte Familljen an den Entwécklungslänner sollen ze gutt kommen.

Den Aktiounsplang deen de G20 opgestallt huet gesäit ënner anerem vir dass d'Banken no Weeër solle sichen fir dës Réckiwwerweisunge manner deier ze maachen. Da sollen d'Staate keng onnëtz Steieren op esou Réckiwwerweisungen erhiewen a besonnesch sollen déi betrafte Leit an hier Famillje besser informéiert ginn iwwer déi gönschtegste Méiglechkeeten déi bestinn fir esou Réckiwwerweisungen ze maachen. Schlussendlech muss och no neien Iwwerweisungs-méiglechkeete gesicht ginn déi d'Ziler vum G20

erfëllen a vläicht laangfristeg nach méi niddreg Tariffer erméiglechen ouni d'Sécherheet vun den Iwwerweisungen a Fro ze stellen.

Fir den Immigrant, deen et meeschtens schonn net einfach huet, ass et souwisou net nozevollzéien firwat et esou deier ass fir eng kleng Zomm vun engem Land an dat anert ze iwwerweisen.

An dësem Kontext sinn natierlech déi traditionnell Banken an ähnlech Institutiounen ganz staark gefuedert an dat besonnesch well aus dem Internet eraus nei digital Fintech Iwwerweisungsmethoden si ganz staark ënner Drock setzen. D'Banke mussen sech zwar komplizéierte Kontrollen ënnerwerfen a strikt Prozeduren anhalen wat jo och een Deel vun de Käschten duerstellt, mä anerersäits hu si och d'Verpflichtung Servicer unzebidden, déi net ze deier sinn. Besonnesch d'Reckiwweisungen riskéieren ee groussen Testfall ze ginn.

Et muss de Banken geléngen eng Tarifikatioun ze fannen, déi den Erwaardungen vum G20 entsprécht, soss riskéieren si an ähnlech Institutiounen dee kolossale Flux vu Gelder ze verléieren. Et ass iwwregens nach laang net deen eenzegen Defi deem si kuerzfristeg ausgesat sinn.

D'Zäit drängt fir ze handeln, well duerch nei Technologien geet de Fortschrëtt an den Finanzdängschtleeschungen besonnesch séier virun.